# E Portrait vum Gast Gibéryen: gebuer fir d'Politik

Plackett fir dem ADR-Deputéierte seng Pensioun, den 13.Oktober 2020

Geschriwwe vum Roland Houtsch

E Portrait vum Gast Gibéryen:

*„Et ass ze laang!“*

*Gast, et sinn ëmmerhi bal 60 Joer Politik ze beschreiwen.*

*„Ass alles richteg nogekuckt?“*

*Alles duebel gecheckt oder selwer erlieft a gesinn*

*„Ech wëll et awer nach eng Kéier gesinn, ier et gedréckt gëtt.“*

*Duerfir ass et awer leider ze spéit, Gast, et sollt jo eng Iwwerraschung fir Dech sinn.“*

# Inhalt

Inhalt ........ 4
De coole Gast ........ 5
Eng Partei mat Zukunft ........ 8
Endlech Rentegerechtegkeet ........ 9
Prisong fir d'Demokratie ........ 12
E Referendum, keen Triumph ........ 14
Wou komme mer hier, wuer gi mer hin? ........ 16
Vu Bur – a wou ass dat ? ........ 17
Gesellschaft am Wandel ........ 19
Politik ass Handwierk ........ 21
Problemléisung a politesch Aarbecht ........ 23
Vun der Long op d'Zong oder d'Konscht vun der Rhetorik ........ 25
Life Long Learning: Fit fir Politik ........ 26
Iddie muss een hunn ........ 27
Vu Schweess a schwéierer Aarbecht ........ 30
Handwierk a Parteiorganisatioun ........ 32
De Veräinsmënsch: Fester a Gesellegkeet ........ 33
Et stoung an der Zeitung ........ 35
........ 38
No bei de Leit: De Gemengepolitiker ........ 38
No bei der Aarbecht: de Gewerkschaftler ........ 40
Doheem: De Familljemënsch ........ 42
E glécklecht Eenzelstéck ........ 44
........ 46
Biographie / Zäitlinn ........ 46
Nowuert ........ 48

## De coole Gast



*Mat 22 ass et vill méi einfach cool sinn, wéi mat 70, mee alles geet!*

Et ass e Genoss, dem Gast seng lescht Fernsee- a Radiooptrëtter ze kucken an ze lauschteren. Vläicht si jo och d'Journalisten e bësse méi gedaamt, vläicht sinn hir Froen e bësse manner aggressiv a béis, mee déi Rou, déi vun deenen Optrëtter ausgeet, wann hien op seng Karriär zeréckbléckt, ass schonn impressionant. Natierlech steet bei engem Vollbluttpolitiker nach ëmmer de Message am Virdergrond. Awer dee Message vun enger logescher Politik vum gesonde Mënscheverstand – déi hie säi Liewe laang vertrueden huet – gëtt op eng fir de Gast éischter ontypesch Manéier vermëttelt.

De Gast rout a sech a straalt fërmlech Zefriddenheet aus … ongewéinlech fir en Oppositiounspolitiker. Mee hien huet duerfir genuch gutt Grënn. Well trotz senger permanenter Roll an der Oppositioun, huet de Gast Gibéryen zu Lëtzebuerg munches beweegt. Duerfir gëtt et vill Beispiller. Politesch sinn awer a sengem eegene Réckbléck dräi Eckpunkten, déi an d'Gewiicht falen: d'Rentereform, de Referendum vun 2015 an d'Stäerke vun der Roll an de Rechter vum Deputéierten, fir déi hien 2019 esouguer Prisong riskéiert hat.

Et huet ee keen Zweiwel, datt dee Mann mat senger Aarbecht an der Politik zefridden ass. Et deet him och net leed fir d'Aarbecht an d'Energie, déi säin Engagement hie kascht hunn, well hie weess, datt d'ADR haut och ouni hien op guddem Buedem steet.




*Manifestatioun fir Rentegerechtegkeet am Mäerz 1987: den Ufank net nëmme vun enger nationaler politescher Karriär.*


Et ass op alle Fall eng gutt Äntwert op déi Remark, déi an Zesummenhang mam Gast Gibéryen ëmmer nees a vun alle Säiten ze héieren ass: „An enger anerer Partei wär hie bestëmmt Minister ginn." Vläicht ass dat eppes, wat a schwéiere Stonnen an him gewullt huet. Mee réckbléckend kann de Gast a senge leschten Interviewen doriwwer eigentlech nëmme laachen. Hien huet säint gemaach a vill vu sengen Iddie realiséiert an zum politesche Programm gemaach, déi an enger anerer Partei wuel jorelaang diskutéiert a verwässert gi wären. Politik huet och mat deem Idealismus ze dinn, eegenen Iddie wëllen eng Chance ze ginn. Wann dann de Wieler anescht decidéiert, liewen dës Iddien op d'mannst am Parteiprogramm weider.

Et muss ee fir de Politikerberuff gemaach sinn. Et ass net dat rouegst Liewen als Deputéierte vun enger Partei, déi haut nëmme véier Deputéierten zielt. D'Aarbecht am Plenum, do wou d'Kamerae stinn, ass nämlech nëmmen d'Spëtzt vum Äisbierg. Vill Deputéiertenaarbecht gëtt a Kommissioune gemaach. An deene Parteie mat ville Sëtz an der Chamber gëtt schonn emol driwwer gestridden, wien a wéi eng Kommissioun däerf goen. Bei der ADR assuréiert en Deputéierten ëmmer e puer Kommissiounen an huet deementspriechend och ëmmer méi Aarbecht wéi seng Kolleegen aus anere Parteien.

Fir sech deem Stress 31 Joer laang auszesetzen, muss ee Feier hunn. Dat Feier heescht et, an d'Gitt ze kréien, wann ee wëll lassloossen. Dat ass deem coole Gast haut gegléckt.

De Changement ass däitlech fir déi, déi hien nach an de leschte Walkampagnen erlieft hunn. Well am grousse Ganze waren déi lescht Walen och eng Confirmatioun vun der Aarbecht, déi geleescht ginn ass, an e Beweis, datt d'Partei eng Zukunft huet. Wéi hien un de Resultater houng, déi no an no erauskomm sinn. Wéi hien ëm de Sëtz am Oste gebaangt an am Kapp matgerechent huet, e Sëtz, dee ganz knapp net zustan komm ass. Wéi hie bis zulescht un d'Chance op en Europasëtz gegleeft huet. Déi Freed a sengem Gesiicht, wéi 2015 d'Resultater vum Referendum iwwert de Schierm geflimmert sinn.

De Referendum: Et ass e Kapitel e bëssen à part, well de Meritt vu sengem Ausgang net just der ADR gehéiert. Duerfir kritt dëse Walgang iwwert d'Zukunft vum Land och en eegent Kapitel.




*1989: Den Aktiounskomitee mat véier Deputéierten op der Chambertrap*

## Eng Partei mat Zukunft

Vläicht war Politik zu Lëtzebuerg emol méi e rouegt an ziviliséiert Geschäft, mee d'Hektik vun der Referendumsdebatt an de Risiko, fir seng Iddien an de Prisong ze goen, kënnen net dem Gast Gibéryen seng aktuell Geloossenheet erklären. Loosse mir eis eens maachen op eng Zuel. 58 Joer war de Gast an der Politik aktiv, gerechent vum Dag un, wou hien ugefaangen huet, zu Fréiseng am Gemengerot politesch Debatten ze verfollegen. 58 Joer laang huet d'Politik hie begleet, mee si huet ni esou total Besëtz vun him ergraff, datt hie mat 70 Joer net ka lassloossen.

„Ophalen, wann et am schéinsten ass", ass natierlech eng Erklärung, déi de Gast selwer dacks mat der Press an d'Spill bréngt. Mee e Mënsch, deem seng Leidenschaft d'Politik ass, kann nëmme lassloossen, wann hien erreecht huet, wat hie wollt, a wann hien eenegermoosse sécher ass, datt seng laang Aarbecht virugefouert gëtt. An deem Sënn ass dem Gast säin Abschid och en Zeeche vu Vertrauen (an déi Leit, déi bleiwen) an Hoffnung, datt d'Partei an der Politlandschaft eng Zukunft huet a weider bestoe wäert. Säi Bëbee steet elo op eegene Been a soll aus dem Haus.

Well säi gréisste Succès ass d'ADR, déi Partei, déi hie mat gegrënnt huet. Si ass ervirgaangen aus enger sozialer Beweegung fir méi Gerechtegkeet bei de Renten an huet dëst Zil erreecht. Eigentlech hat d'Partei domat hiren Zweck erfëllt. Et war en haarde Kampf, fir hir eng nei Zukunft ze ginn, fir Themen ze fannen a Leit, déi bereet waren, sech fir déi Iddien ze engagéieren. „D'Partei steet haut besser do, wéi jee", gëtt hire Matgrënner net midd, ze widderhuelen. Gemengt ass d'Breet vun hiren Themen an d'Breet vun den Iddien, déi bei der ADR vertrueden an diskutéiert ginn. Et ass hiert demokratescht Funktionéieren, wat de Gast stolz mécht. D'Manéier, wéi Decisioune geholl ginn, wéi de Programm diskutéiert gëtt, an d'Fräiheet, déi een huet, fir eegen Iddien anzebréngen.




*Och an d'Parteiaarbecht huet de Gast ëmmer vill Stonne gestach, hei um Bezierkskongress Süden 1991*

Et ginn net vill Politiker, déi eng nei Partei etabléieren. Eppes Neies schafen an der Parteielandschaft, wat Kapp a Fouss huet an deem och e Gesiicht ginn. D'ADR ass dem Gast Gibéryen säi Puppelchen, deen elo grouss gëtt.

## Endlech Rentegerechtegkeet




*Trapebesetzung a sauer Reaktiounen 1989*

De Grondsteen vun enger nationaler politescher Karriär war fir de Gast Gibéryen de Kampf fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Renten. D'Gewerkschaften a Parteie waren net frou iwwert deen neie Fuuss an hirem Revéier, dee Gewerkschaftler a Buergermeeschter vun enger klenger Randgemeng, där hir Wichtegkeet fir vill Leit just dra bestanen huet, datt si um Wee vum Sonndesausfluch op d'Musel ëmmer Staue produzéiert huet.

Et war e laange Wee bis 1998 d'Reform vun de Renten duerch d'Chamber war. Et hu vill Leit dodrun hire Verdéngscht, mee d'dreiwend Kraaft war de Gast Gibéryen. Seng intim Sachkenntnes, seng Energie, seng Fäegkeet, fir aner Leit ze begeeschteren, ze leeden an zesummenzehalen, seng Organisatioun, seng Vermëttlerfäegkeeten an och seng Stuerheet hunn dee Projet gedroen.

D'Solidaritéit vum private Secteur huet d'5/6-Beweegung an d'Chamber bruecht. Vun do u war kloer, datt eng Solutioun huet mussen op den Dësch. Lëtzebuerg huet hei nach eng Kéier un engem groussen Dossier seng Stäerkt a säin Zesummenhalt gewisen an eng Rentereform fäerdeg bruecht, déi mat enger vun de gréissten Ongerechtegkeeten am Land opgeraumt huet.

Erstaunlech ass, wéi séier esou eng Reform selbstverständlech gëtt; wéi séier déi, déi dervu profitéieren, vergiessen, wéi schwéier et war, si ëmzesetzen. Och haut gëtt et leider nach kleng Renten. Mee vill Leit aus dem private Secteur kënnen haut gutt vun hirer Rent liewen. An et si vill Leit, déi ouni dës Reform haut sécher déi schänterlech Zuel vun 20 Prozent Aarmutsrisiko nach méi géingen an d'Luucht dreiwen.

Ronn 20 Prozent vun den Awunner vu Lëtzebuerg droen de Risiko, ënnert d'Aarmutsgrenz ze falen oder liewe schonn drënner. Dat ass keng Referenz fir e Land, wat um Pobeier zu deene räichste vun der Welt gehéiert. Mee all déi sozial Problemer, déi haut zu Lëtzebuerg existéieren, wären nach vill méi schlëmm, wann d'Land um Enn vum leschte Joerdausend d'Kéier net kritt hätt, fir déi schlëmmsten Ongerechtegkeet ofzestellen.

Net nëmmen Zefriddener huet dës Reform ervirbruecht. Et gouf batter Konfrontatiounen, an e ganze Beruffsstand war opbruecht géint déi Sozialbeweegung, déi eng vun den Haaptcharakteristike vum Land – Strukturen, déi geschichtlech ugefaangen hunn an enger Zäit, an där et Lëtzebuerg als Land eréischt an der Skizz gouf a wou auslännesch Intressie vun auslännesche Beamten ëmgesat gi sinn – wollt iwwert de Koup geheien. D'Staatsbeamte sinn eng Muecht zu Lëtzebuerg, mat där ee sech net soll uleeën. Eist Land gëtt hinne vill Gewiicht, well vill Stacklëtzebuerger bei Staat a

Gemeng schaffen, wärend am private Secteur vill méi Leit sinn, déi d'Nationalitéit net hunn an hir demokratesch Rechter an deene Länner ausüben, wou si hierkommen.




*2003 op der Grënnungsfeier vun Uespelt (750 Joer Péiter vun Uespelt) nëmme frou Gesiichter.*

Net dee klengste Verdéngscht vun der ADR ënnert dem Impuls vum Gast Gibéryen war et, d'Krichsbeil mat de Staatsbeamten no der Rentereform ze begruewen. Dat war e Prozess, dee vill méi laang gedauert huet, wéi d'Reform selwer. Haut kann ee vun Normalitéit schwätzen, an d'Deputéierte vun der ADR hunn an der Chamber scho méi wéi eemol Intressie vu Staatsbeamte vertrueden a verdeedegt, déi an enger Reform ënnert d'Rieder komm sinn.

De Kapp vun där Beweegung – op de Plakaten, an de Reuniounen, an der Chamber – kënnt 20 Joer duerno bei Popularitéitsëmfroe labber ënnert déi 10 beléiftste Politiker. D'Demokratie kritt dacks virgehäit, datt wichteg Reformen hänke bleiwen, well de Courage feelt, fir si unzepaken. Politiker géinge fäerten, bei den nächste Walen d'Rechnung ze bezuele fir onpopulär Moossnamen. D'Rentereform zu Lëtzebuerg ass och en Testament un de politesche Courage, fir dat Néidegt ze maachen an net just dat, wat bei deene meeschte Wieler gutt ukënnt.

## Prisong fir d'Demokratie




*Kee Prisong, keng Strof: D'SREL-Affär geet gutt aus fir de Gast, an hien erkläert dat op enger Pressekonferenz nom Urteel.*

Vun allen Affären, déi et zu Lëtzebuerg gouf, war d'SREL-Affär jo net grad déi gemittlechst. Wéinst diversen Illegalitéite beim Geheimdéngscht huet schliisslech dee mat Ofstand erfollegräischste Politiker vu Lëtzebuerg musse säin Hutt huelen, an de Jean-Claude Juncker ass an de Bréisseler Exil gaangen.

Lëtzebuerg huet eng Dräi-Parteie-Koalitioun kritt, déi alles wollt besser an anescht maache wéi dat, wat si CSV-Staat genannt huet. Dat war alles 2013. Ëm de Geheimdéngscht ass et zwar net roueg ginn an d'Geriichter sinn nach haut beschäftegt, Uschëllegunge vun deemools nozegoen. 2018 awer war nees en neie Skandal ugesot. Et ass ëm illegal Telefonsecoutte gaangen, fir déi keen dem Jean-Claude Juncker konnt d'Schold ginn.

Mee déi schonn net méi esou nei Regierung huet sech selwer fräigesprach vun eppes, wat ähnlech war, wéi dat, wat de fréiere Premier gemaach hat. Dat wär e bedauerlechen Oubli, eng Formalitéit, housch et. No enger Kommissiounssëtzung kënnt et zum Eclat, well de Gast Gibéryen offensichtlech Detailer aus dem Geheimdéngscht kennt, déi den ieweschte Responsabel vun de Lëtzebuerger Agenten, de Regierungschef, net weess.

Dee probéiert iwwert SMS vum ADR-Deputéierten den Numm vun deem senger Quell gewuer ze ginn. Wéi dat net klappt, informéiert hien de Parquet, an de Gast Gibéryen gëtt ugeklot. Zwar verdréckt de Premier e puer Krokodilstréinen, mee hie léisst total ausser Uecht, datt hie selwer sech a säi Geheimdéngscht wéinst illegale Praktiken hätt

misste beim Parquet mellen, amplaz ze probéieren, en Oppositiounspolitiker monddout ze maachen.

De Gast Gibéryenhuet do Prisong riskéiert, bis schliisslech e Riichter a leschter Instanz decidéiert, datt en Deputéierten an enger Demokratie d'Recht huet, seng Quellen ze schützen. Alles anescht géing engem Oppositiounspolitiker d'Aarbecht onméiglech maachen. E liberale Premierminister vun enger Demokratie wéi Lëtzebuerg hat hei definitiv probéiert, en Oppositiounspolitiker an de Prisong ze bréngen, e Skandal.

Dat ass en extrem wichtegt Urteel an enger Zäit, an där Fräiheeten ëmmer méi restriktiv interpretéiert ginn. Genee dat huet och d'Chamber erkannt, déi sech dësem Urteel ugeholl huet an déi och d'Käschte vun deem Geriichtsverfare gedroen huet.

D'Laascht an den Drock louchen awer um Gast Gibéryen senge Schélleren. Hien huet hei e gehéieregt Vertrauen an d'Justiz gewisen. Hien huet sech awer och net klengkréie gelooss a mat kengem Wuert verroden, wien him déi Informatiounen iwwert den interne Fonctionnement vum Geheimdéngscht zougespillt huet. Dobäi war den Drock net kleng. Wärend der Untersuchung war esouguer den Telefon vun engem demokratesch gewielte Volleksvertrieder net virum Äifer vum Parquet sécher an et ass schéin notéiert ginn, wien dem Gast an enger Period vu sechs Méint ugeruff huet a wie mat him wollt schwätzen. Fir säi Versteesdemech vun där Demokratie, déi hie säi Liewe laang vertrueden huet, wär de Politiker zur Nout och an de Prisong gaangen.

## E Referendum, keen Triumph



*Kampagne fir den dräifachen Nee beim Referendum, hei zu Nouspelt op der Eemaischen.*

2015 waren déi dräi Froe vum Referendum, wéi si publik gi sinn, esou eppes wéi e Schlag an d'Gesiicht fir bal 80 Prozent vun de Lëtzebuerger. Déi Volleksbefroung an déi heemlech Traktatiounen, fir keng Fro iwwer Kierch a Staat ze stellen, si schliisslech op eppes erausgelaf, dat kee sech an där Form erwaart hat.

De Gast selwer war iwwerrascht, wéi ech hien deen Dag virun der Chamber begéint hunn. Mee hien hat do scho Blutt geleckt a kloer d'Chance erkannt, déi d'Oppositioun do quasi um gëllene Platto zerwéiert kritt huet – mat dräi Referendumsfroen, déi einfach net konnten op d'Zoustëmmung vun de Lëtzebuerger, esou wéi hie si kennt a versteet, rechnen. Et war frësch dobaussen, a mir zwee waren net ugedoen, fir laang Gespréicher virum Palais ze féieren. Datt d'Äntwert op déi dräi Froen nëmme kéint Nee sinn, war eis kloer.

Am Gast sengem Kapp huet et awer schonn un der Kampagne geschafft. Well et war grad esou kloer, datt politesch Parteie beim Referendum missten an den Asaz goen, och wa si do net konnte mat finanzieller Ënnerstëtzung rechnen, wéi bei enger normaler Walkampagne. An deene puer Minutten um Krautmaart ass d'Kampagne vum „3x Nee“ gebuer ginn, e Slogan, deen der Meenung vun enger grousser Majoritéit vu Lëtzebuerger entsprach huet. D'Affichë fir d'Kampagne stoungen dem Gast an där kuerzer Zäit scho quasi an d'Ae geschriwwen.

„Aus dem Bauch eraus“ kann een och Politik maachen. Awer de Gast ass sech ni ze schued, fir parteiintern an no baussen Iwwerzeegungs- an Opklärungsaarbecht ze leeschten an esou stoung hien an de Medien (wann dann d'ADR gefrot ginn ass) mee och an Opklärungsversammlungen an der éischter Rei. Als erfuerene Politiker weess hien, datt näischt evident ass an datt d'Wourecht ëmmer nees muss affirméiert ginn, fir datt si sech och duerchsetzt.

D'Resultat vum Referendum ass de 7. Juni 2015 um Familljefest vun der Partei erauskomm. Mir hate gutt gefeiert an déi fantastesch Zuele sinn euphoresch gefeiert

ginn. E weidert Zeeche vum Gast Gibéryen senger gudder Nues an der Politik waren awer d'Suitten. Ouni direkt de Récktrëtt vun der Regierung ze fuerderen – *„Wa mir an där Situatioun wäre wéi d'Regierung an esou eng Offuer kritt hätten (…) da wäre mir bei de Grand-Duc gaangen an mir hätten eis Demissioun agereecht"* ware seng Wierder den 9. Juni 2015 op der Chambertribün – huet hien d'Ausmooss vun der Blamage kloer gemaach. Mee et war net fir triumphalistesch ze ginn. An der Referendumskampagne huet d'zivil Gesellschaft déi éischt Gei gespillt … besonnesch nodeems éischt Sondagen de Regierungsparteien Angscht gemaach haten.

Duerfir huet d'ADR och dank dem Gast senger Wäitsiicht ni probéiert, sech als grousse Gewënner opzespillen an huet leschten Enns de Kontakt mam „Wee2050-Nee2015" kritt, fir politesch zesummenzeschaffen.




*Elo just ass d'Resultat vum Referendum um Familljefest vun der Partei zu Izeg bekannt ginn.*

## Wou komme mer hier, wuer gi mer hin?

Dat ass eng entscheedend Fro fir all Politiker! Erfarung zielt. Dat ass vläicht och e Grond, firwat d'Limitéierung vu Ministermandater beim Referendum net méi Uklang fonnt huet, wéi d'Fro nom Auslännerwalrecht oder déi vum Walalter. Erfarung ze schätzen ass awer och schonn eng vun de villen Iwwerzeegungen, déi mat der Zäit änneren. Haut gëtt zwar nach ëmmer Erfarung verlaangt, awer an engems hu Leit mat engem gewëssen Alter an also mat vill Erfarung et um Aarbechtsmaart schwéier a Betriber zécken och net, Leit, déi dacks joerzéngtelaang bei hinne geschafft hunn, ze entloossen.

Duerfir ass et net onwichteg kuerz ze iwwerleeën, wat 70 Joer alles an eiser Gesellschaft geännert hunn a wat de Gast a sengem Liewen alles erlieft huet. Dat besonnesch, well d'Verännerungen ëmmer méi séier kommen a well d'Rad vun der Zäit ëmmer méi séier ze dréine schéngt.

Wat fir d'ganz Welt gëllt, ass awer besonnesch fir Lëtzebuerg wouer. Déi demografesch a wirtschaftlech Entwécklung vum Groussherzogtum nom Zweete Weltkrich hëlt engem den Otem. Verännerung huet dëse Landstreech zwar duerch d'ganz Geschicht begleet, mee esou séier wéi d'Ännerungen an de leschte Joerzéngte komm sinn, ass beispilllos. De virleschte Premier huet nach fir grouss Opreegung gesuergt, wéi hie vu 700.000 Awunner geschwat huet ... an haut ass et nëmmen nach eng Fro vun e puer Joer bis déi Visioun, déi deemools esou vill Leit erschreckt hat, Wourecht ginn ass.

Probéiere mer emol dat Land, wat de Gast nach kannt huet, kuerz a skizzenhaft ze ëmräissen. Et ass kee klenge Verdéngscht, an dësen Zäite säi Wee ze goen a kontinuéierlech méi Leit vun dësem Wee ze iwwerzeegen an dobäi eng vun de beléiftste Persounen an der Lëtzebuerger Politik ze ginn.

## Vu Bur – a wou ass dat ?

Fir eng politesch Karriär zu Lëtzebuerg ass et net schlecht, wann een an der Stad, zu Esch, zu Gréiwemaacher oder zu Ettelbréck gebuer ass. Bur huet als Trampolin an d'Politik éischter schlecht Kaarten a Fréiseng net vill besserer. Dat ass net nëmmen esou, well Majorzgemengen dacks net vu Parteie mee vu méi libberen Allianze gefouert ginn, mee och well dës Uertschaften op nationalem Plang net esou richteg an hir Walbezierker wëlle passen. Bur läit un der Sauer bei Mompech – uewen am Osten, e Stéck ënner Iechternach.

Fréiseng – Walbezierk Süden – huet wéineg mat enger Minettsstad ze dinn, an dach ass de Gast Gibéryen zu Fréiseng wéi e Fësch am Waasser an am Walbezierk Süden och. Buedemstännegkeet war am Lëtzebuerg vu fréier eppes ganz Normales, Plënneren éischter eng Raritéit, an och de Gast ass schonn a jonke Joren 1960 zu Fréiseng sesshaft ginn.

Trotzdeem ass hien am ganze Minett doheem, vläicht och, well hien ebe seng Kuuscht op der Schmelz verdéngt huet. Mee och hei stécht dat Nolauschteren eraus, dat hien auszeechent an dat him erlaabt, iwwerall do doheem ze sinn, wou hien ass. Wéi dacks krute mir op enger Braderie ze héieren: *„Iwwerfal d'Leit net mat eisem Parteiprogramm a maach hinnen en décke Kapp: Si solle schwätzen an eis soen, wat si gär hätten."*

Bleiwe mer nach e bëssen am Bauerenduerf Fréiseng. Wa mer haut der aler Bausubstanz, déi an den Dierfer ofgerappt gëtt, nokräischen, den Zoustänn vun den Dierfer nom Krich kräischt sécher keen no. Lëtzebuerg war virum Krich trotz dem industrielle Süde kee räicht Land an nach staark vu Landwirtschaft gepräägt. Dat huet sech duerno och




*Bur: Hei huet de Gast seng fréi Kandheet verbruecht.*

eréischt lues geännert an deementspriechend schlecht war d'Infrastruktur, och an deenen Uertschaften, déi am Krich manner Schued haten. Kläranlagen a Kanalisatioun waren net selbstverständlech, wéi de Gast op d'Welt komm ass ... ausgebaute Stroossen net an de Stroum ass iwwerierdesch an engem Spannennetz vu Kabele verdeelt ginn.

Déi puer Autoen, déi gefuer sinn, hunn nach keng Stroossekräizunge mat roude Luuchte gebraucht. Mee dat huet net laang ugehalen, well nom Zweete Weltkrich d'Entwécklung en Zant zougeluecht huet. An den 1960er Joren hunn d'Lëtzebuerger et scho fäerdegbruecht, sonndes d'Haaptkräizung vu Fréiseng um Wee fir op d'Musel an zeréck reegelméisseg ze verstoppen.

Trotzdeem war d'Appartementshaus nach net fir Lëtzebuerg erfonnt. Jidderee konnt sech säin Haus mat sengem Gaart leeschten. Vläicht war de Komfort an de Wunnengen net esou grouss an de Botz huet Lächer gewisen, mee d'Haiser haten hire Charakter a méi Charme wéi munch vun deene Betongskëschten, déi haut an hirer Plaz stinn.

D'Leit hu sech nach besser kannt, a sief et nëmmen, well si alles, wat si gebraucht hunn, nach an hirem Duerf kafe konnten an do an d'Gespréich komm sinn, a well de Bistro vum Duerf d'Zentrum vum Liewen no der Aarbecht war. D'Gespréicher waren op Lëtzebuergesch, well d'Fro, eng aner Sprooch ze schwätzen, sech iwwerhaapt nach net gestallt huet.


*Dem Gast seng Kannerwelt war eng ganz aner wéi haut.*

Schaffe gefuer sinn déi meescht mam Vëlo a Crèchë gouf et keng, well d'Kanner doheem grouss gi si mat de Grousselteren oder mat der Mamm. D'Lëtzebuerger Autobunnen, déi vill Distanze méi kleng gemaach hunn an och Fréiseng aus sengem südöstleche Motzeck geholl hunn, sinn Enn den 1960er an an den 1970er Jore gebaut ginn. Si hunn e Land méi séier verbonnen, wat 1950 knapp 300.000 Awunner hat. 1989, wéi de Gast an d'Chamber koum, waren et keng 380.000. D'Bevëlkerung huet sech awer a 70 Joer méi wéi verduebelt.

## Gesellschaft am Wandel



Eng Douaniersfamill: den Henri, d'Adrienne an hir véier Kanner. D'Mamm huet dee Jéngsten, de Gaston, um Aarm.

1950, dat Joer, wou de Gast gebuer ginn ass, war nach jonk, do ass de George Orwell gestuerwen, deen englesche Schrëftsteller, deen a sengem Roman „1984“ esou vill modern Entwécklungen geaant huet. China ass diplomatesch unerkannt ginn an huet gläich emol seng Handschrëft ënnert de Koreakrich gesat. 1951 ass de Virleefer vun der Europäescher Unioun, d'Montan-Union gegrënnt ginn.

Wéi de Gast ugangs den 1960er Joren ugefaangen huet, zu Fréiseng an d'Gemengerotssëtzunge virwëtzen ze goen, stoung Frankräich am Algerien-Krich. Dat war den Ufank vum Enn vu de Kolonialräicher, déi deemools nach bestanen hunn.

Doheem gouf et mat vill Chance e Schwaarzwäissfernsee an en Telefon, deen iwwert e Kofferdrot am Buedem funktionéiert huet a fest un der Mauer ugeschrauft war oder op engem klengen Dëschelchen an der Stuff stoung. A wann een eleng doheem am Gaart geschafft huet, an dat Déngen huet geschellt, ass et heiandsdo net duergaangen, fir d'Schung auszedoen, well et huet ee séier mussen ophiewen. En huet net dacks geschellt, a wann, da war et wichteg.

De Bréifdréier huet Bréiwer an d'Zeitungsausdréier hunn Zeitunge bruecht, an dat war e wichtege Moment am Dag, well een do Noriichte kritt huet – net esouvill wéi haut op engem Handy, mee eben dat, wat een onbedéngt gebraucht huet.

Ugangs den 1960er war Lëtzebuerg e klengen Industriegigant. An Industrie war eppes, wat mat alle Mëttele Suen erabruecht huet. Si huet och d'Bild vum Süde vum Land bestëmmt mat risegen Dampfändelen, déi aus ville Kamäiner komm sinn a bei deene kee gefrot huet, wéi ongesond si wären. Ier am Gaart d'Wäsch opgehaange ginn ass, sinn

d'Léngte mat wäissen Dicher ofgewëscht ginn, déi duerno schwaarz-rout Sträifen haten. Haitegen Ëmweltnormen no ze urteelen, hätt d'Land deemools eigentlech missten ausstierwen.

1989 ass de Gast vir d'éischt an d'Chamber gewielt ginn. De Computer hat zwar scho seng éischt Asätz – dacks nach ouni fest Lafwierk mat Floppy-Disken, dären Zweck haut déi mannst géingen erkennen a benenne kënnen. Trotzdeem wäert den Aktiounskommitee nach vill Walziedelen (déi hunn do och nach net Flyer geheescht) op der Schreifmaschinn geklappt – mat Duerchschlag fir si duerno ze „roneotypéieren". Wie kennt dës Technik vu Kopéieren nach? Musek ass deemools vu Vinylsplacken a vu Kassette gelauschtert ginn – woubäi déi Saach mam Vinyl esou gutt war, datt si haut nees, trotz allem Digital, am Kommen ass.

Politesch war d'CSV, eng riets a konservativ Vollekspartei, Här a Meeschter. An et wär 1950 net ville Leit agefall, sech géint d'Kierch auszeschwätzen. Et huet warscheinlech ugangs den 1960er vill Courage derzou gehéiert, als Bouf an eng Gemengerotssëtzung ze goen, wou déi héich respektéiert Notabel vum Duerf versammelt waren. Genee wéi et spéider zimmlech vill gebraucht huet, fir als Spunt direkt de Wee vum Gewerkschaftler ze wielen a sech fir seng Leit anzesetzen.

Haut ass et ganz schwéier, sech virzestellen, wat fir Hierarchien deemools bestanen hunn a wat fir Steng dem Éiergäizegen an de Wee geluecht gi sinn, deen am Liewe wollt virukommen.

## Politik ass Handwierk

Eis Gesellschaft ännert rapid. Bei de Beruffsbiller sinn et sécher d'Handwierksberuffer, déi am meeschten u Prestige agebéisst hunn. An och nach uewen op der Lëscht stinn, wann driwwer rieds geet, mënschlech Aktivitéiten duerch Roboteren ze ersetzen. Nom Zweete Weltkrich, wéi grouss Deeler vum Land am Koup louchen, war dat anescht. Well Lëtzebuerg och ni op e grousse Mënschereservoir konnt zeréckgräifen, louch den Opbau an den Hänn vun „Coiffer-Mecanicienen". D'Handwierker hate wuel Spezialitéiten, mee si konnte meescht och nach an zwee, dräi anere Beräicher mat upaken.

Esou en Handwierker huet jo eng speziell Aart a Weis, fir un e Problem erunzegoen. Fir d'éischt gëtt gekuckt, wou et klemmt oder wat gebraucht gëtt. Da gëtt genau gemooss, akribesch dat alles ëmgesat an ouni Bëtz ze maachen d'Léisung gezaubert, esou datt alles genee passt. Wat d'Wierkstécker méi kompliséiert ginn, wat déi Qualitéite méi gefrot sinn, an duerfir muss e Maschinneschlässer nach méi genee op d'Eenzelheete kucken. Déi analytesch Method an déi entspriechend Geschécklechkeet loosse sech uwennen op vill verschidde Problemer. D'Approche ass och net schlecht fir un e politesche Problem erunzegoen.

Leider gëtt haut vill ze dacks behaapt, nëmme mat engem akadeemesche Grad kéint ee komplex Aufgabe léisen. Mee och mam A a mat der Hand vum Handwierker kann ee Léisunge fannen a liwweren. Esou e Politiker war de Gast. Hien ass haut nach houfreg op seng Handwierksausbildung, an dës huet him ëmmer d'Instrumenter geliwwert, fir och komplex Problemer ze verstoen a Léisungen ze fannen.



*Den Telefon huet d'Feil beim Schaffgeschier ersat.*

Dat gëllt um Niveau vum wirtschaftlechen oder gesellschaftleche Problem an der Politik, mee dat gëllt och um Niveau vun der politescher Konscht selwer. A schliisslech muss all gudden Handwierker schonn ëmmer eppes maachen: léieren, fir déi neiste Prozedure matzekréien an ëmmer op d'mannst esou gutt ze sinn, wéi säi beschte Konkurrent.

Nieft der Léift fir säin Handwierk als Maschinneschlässer, dat hien an der Léierbud (Institut Emile Metz) zu Dummeldeng bäibruecht krut, war de Gast Gibéryen och direkt vum Politikerhandwierk ugezunn. Hien hat wuel schonn als Bouf de Flair fir an deem Beruff och d'handwierklech Konscht ze gesinn, soss wär hie wuel net no der Schoul an d'Gemengerotssëtzunge gaangen, fir do den Debatten nozelauschteren, a méi spéit vun Dummeldeng op de Krautmaart gepilgert, fir seng fräi Zäit an der Chamber ze verbréngen.

Trotzdeem ass et eng Riseleeschtung, ni d'Schlappe verluer ze hunn. D'Themen an der Chamber haut si jo ganz anerer wéi 1989, wéi de Gast fir d'éischt an d'Chamber komm ass. D'Komplexitéit vun de Sujeten – Militärsatellit, Ëmweltgëfter, 5G, Finanzstrukture mat Fal- an Hannerdieren – huet näischt méi ze di mat der Welt vu virun iwwer 30 Joer. Awer d'Handwierksgeschier an de gesonde Mënscheverstand hëllefen ëmmer nach duerch d'Welt.



*Kucken, nolauschteren, verstoen …*

## Problemléisung a politesch Aarbecht

Als Kand huet de Gast warscheinlech seng Spillsaachen a Stécker zerluecht an duerno (dacks) och nees zesummegebaut. Dee Reflex huet hien ni verluer. Et stëmmt, datt d'politesch Welt ëmmer méi komplex ginn ass, mee et war keen Dossier dem Gast ze komplizéiert, datt hie sech senger net ugeholl hätt. Well all Problem léisst sech a seng Eenzelheeten zerleeën, a wann een d'Ausdauer huet, dat ëmmer erëm ze maachen, versteet een och de Prinzip.

Well deen éischte Problem vum Politiker ass, sengem Wieler de Problem esou ze erklären, datt jidderee weess, ëm wat et geet. Duerno ass d'Zäit fir eng Léisung ze sichen. Fir déi wichteg Informatiounen zu engem Dossier ze kréien, ginn et vill Méiglechkeeten. Natierlech liwwere vill Dossiere selwer d'Äntwerten, mee si sinn dacks esou komplizéiert formuléiert, datt si sech éischter u Spezialisten adresséieren.

Duerfir ass et eng gutt Iddi nozelauschteren, wat dës Spezialisten zielen, a seng eege Schlëss doraus ze zéien. Well jee no der Parteikaart vun deene Spezialiste kann ee jo aner Schlëss aus hire Wierder zéien a keng Rou ginn, bis een de Schwaachpunkt oder d'Stäerkt vun deem Dossier erfaasst huet.

De Gast Gibéryen hat 31 Joer fir esou Techniken ze perfektionéieren. An no enger gewësser Zäit konnt kee méi him eppes verstoppen. Als déngschteelsten Deputéierten huet hien och all Ficell kannt, wéi esou e politesche Projet säi Wee géing goen. A mir

kënnen drop wetten, datt hie schonn dacks no där éischter Kommissiounsreunioun wousst, mat wat fir enger Ried hien d'Regierung an der Chamber géing pisaken.

Kucken an nolauschteren, Mooss huelen, eng wuel gesate Ried preparéieren ... d'politescht Handwierk gouf dem Gast Gibéryen an d'Wéi geluecht. A well hie mat deem Handwierk esou frou war, huet hien och op all Detail opgepasst. Hie wousst genee, wat seng Rechter a seng Flichte waren a wat am Reglement stoung. Well e gudde Polithandwierksmann ass näischt, ouni säin Handwierksgeschier, an dat ass fir e Politiker d'Verfassung, d'Reglement vun der Chamber an eng zolidd Grondkenntnis iwwert d'Situatioun vum Land an d'Besoine vu senge Leit.

Am ADR-Büro läit nach haut e Classeur mat deene wichtegsten Texter, fir séier emol nozekucken, wat genee d'Reglement seet.

## Vun der Long op d'Zong oder d'Konscht vun der Rhetorik

Et ass schwéier anzeschätzen, wat den Zwielefjäregen am meeschten an d'Politik gezunn huet. Et kann ee sech virstellen, datt esou Gemengerotssëtzungen zu Fréiseng wéineg mam geleckte Protokoll vun der Chamber ze dinn haten an datt déi sproochlech Héchstleeschtunge vun de Gemengeréit, de Schäffen an dem Buergermeeschter vläicht net all drockräif waren.

Vläicht hat de Gast jo d'Konscht fir ze schwätzen och einfach an d'Wéi geluecht kritt an huet sech am Gemengerot a spéider an der Chamber nëmmen nach e puer Tricken ofgekuckt. Et ass awer éischter unzehuelen, datt hien hei Blutt geleckt huet an datt hie vill u sech geschafft huet, bis hien de Riedner war, deen an der Chamber am meeschte gefaart ginn ass.

An der Politik konnt hien e gewëssent schauspillerescht Talent erausloossen, well zu enger gudder Ried gehéiert och déi entspriechend Gestik a Kierperhaltung. Et ass ganz beandrockend, wéi de Gast am direkte Gespréich esouguer seng Kierpergréisst asetzt fir iwwerzeegend ze wierken. Wann hien Iech ganz no kënnt, fir säi Punkt duerzeleeën, kënnt kee méi op d'Iddi vun uewen erof ze schwätzen. Duerch säi Gest forcéiert de Gast säin Interlocuteur, de Kapp ze bécken – dat ass schonn d'Hallschent vun der Iwwerzeegungsaarbecht.



*Mat 30 Joer fir d'Fuesend verkleet: Theatralik a Show gehéiren och zum Politikerberuff.*

En ugebuerent Talent fir eng Saach op de Punkt ze bréngen, eng laang Erfarung, déi him d'Formuléiere liicht mécht, den Instinkt, deen him weist, wou seng Picken am meeschte wéi dinn an am beschte bei de Leit ukommen an e Gediechtnes, wat him erlaabt, ni an Erklärungsnout ze kommen … dat an eng staark Ausstralung maachen de gudde Politiker aus.

## Life Long Learning: Fit fir Politik

Life Long Learning ass am drëtte Joerdausend vun eiser Zäitrechnung zu engem Moudewuert ginn, dat op eemol all Mënsch am Mond hat. Et ass awer e Konzept, deen de Gast scho ganz fréi verënnerlecht hat a säi Liewe laang ëmgesat huet. Hien ass net nëmmen u sengen Aufgabe gewuess, mee all Aufgab huet hie méi grouss gemaach. Säi Gehier huet eng Schwampfunktioun, déi alles opsuckelt. Oder a sengem Nervesystem ass e Reflex fir Saachen nozekucken, well hie sech nach drun erënnert.

An der ADR huet hien duerfir och Leit, déi esou Saachen nosichen. A wann et am Gast sengem Kapp existéiert, ass et och ëmmer iergendwou ze fannen. Vläicht net an där Zeitung, déi hien als éischt nennt, mee an enger anerer … awer et existéiert. A wann de Gast Gibéryen sech drun erënnert, ass et och wichteg genuch, fir nees gesicht ze ginn.

De „Fuuss" an der Politik ass haut den déngschteelste Politiker an deementspriechend gutt gelueden ass säin Informatiounslager. Säi Wëssen ass net nëmmen an all Parteireunioun wichteg, och bei der Kommissiounsaarbecht an der Chamber a bei parlamentaresche Prozeduren ass de Gast eng Zort lieweg Enzyklopedie vun der Lëtzebuerger Politik. Hien ass dofir iwwerparteilech akzeptéiert a respektéiert.

Mee e Fuuss wär kee Fuuss, wann hien de Wollef net heiansdo géing uschmieren. Bei aller konstruktiver Mataarbecht an der Chamber ass Wëssen ëmmer och Muecht. A wien déi Muecht huet, kann och emol fir Decisioune plädéieren, déi den eegenen Intressie méi no sti wéi deenen anere Parteien hir. An der Partei an an der Politik ass den ADR-Deputéierten duerch säi Wëssen eng Muecht fir sech. A bei ëffentlechen Optrëtter gëtt dëst him eng Souveränitéit, déi ee bei all Table ronde kann novollzéien. De Gast ass eng Autoritéit, wou ëmmer hien optaucht.

## Iddie muss een hunn

Mat Larifari mécht ee keng Politik. An als Populist hält ee sech keng 31 Joer an der Chamber. Net an deem Sënn, wéi d'politesch Géigner d'Wuert Populist gebrauchen, fir dem Gast a senger Partei Inkompetenz an Aewäscherei virzegeheien. Well d'Wuert selwer ass dem Gast net onsympathesch – d'Vollek uspriechen, déi richteg Wierder fannen, fir e komplizéierte Problem einfach ze erklären an d'Sympathie vu ville Leit aus ville Kreesser ze hunn; och esou kann een, wéi hien, Populismus definéieren. Esou schwätzen, datt d'Leit ee verstinn, dat géing de Gast Gibéryen esouguer éischter als eng Flicht vun all Politiker gesinn, wéi als eng Frechheet fir onkamoud Politiker, déi net op der Well vun der Majoritéit seegelen.

Politik ass awer och, senge Grondsätz trei ze bleiwen. De Grondsazprogramm vun der ADR ass vun 2006, a bis haut muss nach keng Zeil dru geännert ginn. Et deet dem Gast nach haut leed, datt déi Konsequenz bei der EU-Verfassung kee Bestand hat. Vill Leit hunn net verstanen, datt d'ADR beim Referendum dergéint war an d'Verfassung an der Chamber duerno matgedroen huet. Wat sech politesch als Nuance rechtfäerdege léisst, muss nach laang net och akzeptéiert sinn.

D'sozial Ausriichtung vun der Partei an d'Suerg ëm déi, déi manner an der Pai hunn, ass e roude Fuedem am Gast senge Rieden. D'Elteregeld, dat d'ADR proposéiert, fousst op deenen Iwwerzeegungen. Den Usaz ass ganz spontan vum Gast geholl ginn, a wéi den éischte Projet parteiintern diskutéiert ginn ass, war relativ séier kloer, datt net vill misst




*Iddien hunn a si vertrieden … wéi hei d'Wuesstems-Gedanken zu Gilsdréff*

dru geännert ginn. Ze gutt huet déi Iddi och mat eiser Vue, déi mir vun der Famill hunn, zesummegepasst.

Wéi de Gast mir 2015 gesot huet, datt de wirtschaftleche Wuesstem an d'Zukunft vu Lëtzebuerg iwwert déi nächst Joren e wichtegt Walthema géinge ginn, hunn ech hie warscheinlech liicht skeptesch gekuckt. D'Land war amgaangen, sech vun enger schlëmmer Finanzkris ze erhuelen, an d'Iddi, datt Wuesstem net nëmme positiv ass, war deen Ament vläicht e bësse méi speziell.

Mee all Statec-Recherchen an den Zuele vum Land hu rout Fändele gewisen, wann ee si vun dësem Standpunkt gekuckt huet. Et huet ee just mussen drop kommen, deen Thema, deen net nei war an der Lëtzebuerger Politik, nach eemol opzegräifen. Dat ass um ADR-Nationalkongress zu Gilsdref geschitt. Nom Gast senger Ried war scho kloer, wat géing de Nationalwalen 2018 de Stempel opdrécken. Eng Thematik zu där och d'Wunnengsnout gehéiert – déi och aus deem séieren an onkontrolléierte Wuesstem vu Lëtzebuerg entstanen ass – an déi en eminent soziale Problem ass.




*Iddien hunn heescht och ..., si an der Partei ze diskutéieren.*

Sozial ass et och, sech iwwer d'Liewensqualitéit hei am Land Gedanken ze maachen an ëm d'Kohäsioun. Well et geet hei ëm d'Wuelbefanne vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung. An déi besteet – och wéinst engem Schoulsystem, deen all Misär huet an extrem heterogene Klasse sengem Léieroptrag nozekommen – net nëmmen aus perfekt



*An Iddien hunn heescht, si och ënnert d'Leit ze bréngen.*

méisproochegen a weltgewannte Studéierten, mee och aus Leit, déi schonn hir léif Méi hu mat eisen zwou Amtssproochen nieft dem Lëtzebuergeschen. Wie vu Kohäsioun a Liewensqualitéit schwätzt, kënnt net derlaanscht, Lëtzebuergesch endlech fest als gemeinsam Sprooch, déi all Resident verbënnt, ze fërderen.

Bei de Staatsfinanze fueren de Gast an d'ADR och schonn ëmmer eng kloer Linn: De Staat soll wa méiglech keng Scholde maachen, a wann, dann dës net mat neie Scholden ofléisen, mee si zeréckbezuelen. Well ee muss si zeréckbezuelen, a Staatsschold ass eng Hypothéik op d'Zukunft vun eise Kanner. Et ass eng radikal Fuerderung vum Gast Gibéryen, déi wichteg ass an enger Zäit vun negativen Zënsen, wou d'Regierung net fäerdeg gëtt, nei Kreditter opzehuelen. Well wann d'Kapital vun deenen och net zeréckbezuelt gëtt, mee duerch nei Scholden ofgedeckt gëtt, kéint dat bei méi héijen Zënse mëttel- bis laangfristeg eng richteg deier Affär ginn.

Konsequent ass d'ADR och mësstrauesch, wat den Agrëff vum Staat an d'Privatliewe vun de Leit ugeet. Et ass e weidere wichtegen Thema, bei deem déi aner Parteien an eng aner Richtung ginn an d'ADR-Politiker géint de Stroum rudderen. Sief dat bei der Indoktrinéierung vu Kanner an der Schoul oder bei Perquisitiounen, déi den Ëmweltministère zu all Stonn a Betriber an op Bauerenhäff ka maachen.

## Vu Schweess a schwéierer Aarbecht




*Steet déi riicht? Mir hunn der nach e puer opzeriichten.*

De coole Gast, den „Überflieger", dee mat den Hänn an der Täsch eng Bommeried erausrëselt, déi bei Videoclicks am Internet all Rekorder brécht, ass awer en Androck, deen net der Wourecht entsprécht. Et ass haart Aarbecht gefrot, fir an déi Positioun ze kommen, an där hien ass.

Well intellektuell a vun der Disziplin hier, ass dëst Léiere-säi-Liewe-laang net einfach an eng ustrengend Geschicht. Mee d'Handwierker vum Gast sengem Schlag haten och virun Ustrengunge keng Angscht. Net genuch domat. Den Handwierker Gast Gibéryen huet ni gezéckt fir eng Hand unzepaken. Manuell Aarbecht mécht him e Risespaass. Walkampagne sinn dann de Moment, fir sech auszetoben. A wann et drëm geet, déi grouss Plakatzelter opzestellen oder an all Gemeng Affichen un d'Luuchtepottoen ze hänken, ass hien net ze bremsen.

De Gast ass eng dreiwend Kraaft a senger Partei: esouwuel, wat Programm an Ausriichtung ugeet, awer och wann et drëms geet, eng Hand unzepaken. Vu Grillmeeschter bis Schräiner ass hien um Dill, beim Raumen a Botzen hëlleft hien ëmmer. Dat ass eben den Houfert vum Handwierker, deen do erauskënnt. Als Deputéierten hätt hien et jo liicht, sech an esou Momenter mat wichtege Gespréicher ze entschëllegen an einfach nozekucken. Mee dat ass net seng Aart.

Seng Aemooss ass och gefrot, wann e Kongresssall muss ageriicht ginn an d'ADR-Scheier zu Izeg ass och esou eng Plaz, wou de Gast richteg opbléit. Et gëtt keng Aarbecht, fir déi de Gast sech ze schued wär. A wann hie bis lass ass, sinn der vill, déi d'Schlappe verléieren.

A well dat alles en Energiebündel wéi de Gast nach net auslaaschte kann, ass hien och nach ronderëm d'Haus zu Fréiseng, mat senge Muppen oder sengen Hénger beschäftegt, wann hien da soll Fräizäit hunn.




*D'Familljefest vun der Partei ass net déi eenzeg Plaz, wou de Gast mat upaakt. Déi familiär Atmosphär an der Partei ass och eppes, wou hien drop hält.*

## Handwierk a Parteiorganisatioun

Handwierk huet eigentlech keen negative Klang. Et steet awer an eise Käpp dacks fir méi e klenge Betrib, dee sech och ze hëllefe weess, wann emol net grad dat Material do ass, dat een eigentlech bräicht.

Et ass och d'Manéier, wéi d'Partei, déi de Gast mat gegrënnt huet, funktionéiert. Och si dréit an deem Sënn seng Handschrëft. Et ass eng relativ kleng Organisatioun, déi vill Aarbecht mécht, a wou een nach därer „Coiffer-Mecanicienen" fënnt, vun deenen an dësem Text scho rieds goung.

Si funktionéiert no genaue Reegelen, awer et ass Raum fir Improvisatioun a jidderengem seng Iddien. A wann d'Aarbecht gemaach ass, ass ëmmer Zäit, fir nach e bëssen zesummen ze stoen an an aller Frëndschaft ze feieren – och fir de Spunt, dee vläicht fënnef Minutte virdrun de Kapp gewäsch kritt huet fir en Handgrëff, deen net esou richteg souz.

Esou wéi en Handwierksbetrib gëtt och d'Partei gemooss drun, wéi laang si besteet a Succès huet. An och an deem Verglach schneit d'ADR net schlecht of.




*Politik: Handwierk, Talent an och e bësse Show.*

## De Veräinsmënsch: Fester a Gesellegkeet




*Politesch Aarbecht op der Strooss: De Gast blitt nach méi op.*

D'Charakteriséierung vum „Veräinsmënsch" huet de Gast Gibéryen sech selwer ginn, viru kuerzem nach op RTL als Invité vun der Redaktioun. Et sinn déi Veräinsaktivitéiten, déi hie gäre verstoppt hält a vun deenen hien am mannste schwätzt. Mir wëssen, datt hie gäre séngt an et vläicht manner mat Sport huet. Mir kenne säi soziaalt Engagement, mee et ass näischt, wat hie géing un d'grouss Klack hänken.

Seng Léift zu de Mënsche kënnt an dësem privaten Deel vum Gast am beschten zur Geltung. Nolauschteren ass an dësem Bichelche schonn als eng vu senge gudden Dugende genannt ginn.

Nolauschteren ass an der Partei, an der Gemeng, an der Chamber, an der Welt wichteg. Beim Gast entfaalt déi Dugend sech och am Informellen, bei Leit, déi net direkt eppes mat deene véier Welten ze dinn hunn.

Well do, wou hie schafft, geet déi déif Mënschlechkeet Hand an Hand mam Wonsch no Effizienz an ass also mat engem gewëssen Drock verbonnen. Vill méi fräi kënnt dëse Charakterzuch scho bei ëffentleche Manifestatiounen zum Ausdrock. Et ass ëmmer nees erstaunlech, wéi de Gast op enger Braderie, wou d'ADR e Stand huet, op d'Leit zougeet a wéi si him no e puer Minutten hir Suergen erzielen. „Friem" Leit ze soen, ass bei him



*Freed un de Leit, Freed um Gesang ... an um gesellege Liewen.*

eigentlech e Widdersproch, well d'ganzt Land kennt de Gast. Vläicht gëtt et och an anere Parteie Leit, déi esou bekannt si wéi hien, mee et gëtt warschein-lech kee Politiker, deem d'Leit sech esou gär an esou séier uvertrauen.

Wann engem Sympathie entgéint schléit, ass een natierlech ëmmer e bësse gebauchpinselt. Mee dat ass net d'Erklärung, firwat de Gast d'Leit sicht an deementspriechend och nach gären an d'Gesellegkeet vun de Bistroen andaucht, wann d'Aarbecht scho gemaach ass. Et ass einfach säin oppent Wiesen a säi Virwëlz, déi hien dreiwen, nei Leit an nei Saache kennenzeléieren.

## Et stoung an der Zeitung




*De Gast an d'Press: net nëmmen eng grouss Léift.*

E Mann, deen esou an der Ëffentlechkeet steet, huet noutgedronge méi en enkt Verhältnes zu der Press. D'geschriwwen a geschwate Press ass wichteg, fir seng Meenung ënnert d'Leit ze bréngen. An och wann de Gast iwwert d'Joren ëmmer nees gutt a positiv Artikelen hat a wann hien als dankbaren Interview-Partner a Pointen-Liwwerant behandelt ginn ass, war dëst Verhältnes net ëmmer harmonesch.

Dat hänkt dermat zesummen, datt seng Partei onkamoud war an hir Wieler vun alle Parteiborde komm sinn. D'Press, déi hei am Land dacks méi enk Bezéiunge mat där enger oder anerer Partei huet, wollt dem Gast a senger Partei ni ze vill Reklamm maachen. Dat, obwuel et zu enger enker Zesummenaarbecht mat der „Union des Journalistes Luxembourg" bei der 5/6-Beweegung koum, wou deemools d'Wort-Journaliste Viviane Reding a Josy Lorent an och e Léon Zeches, Vizechefredakter, an der éischter Rei matgaange sinn.

D'Lëtzebuerger Press an d'Doudschweige vum politesche Géigner ass eng Geschicht mat laanger politescher Traditioun. An d'Relatiounen tëscht de Presseorganer war och net ëmmer vu Fréndlechkeet gepräägt, wou nach Redaktiounslinne kloer Grenze gesat hunn. Aus därer Praxis ass et net schwéier gewiescht, méi rietsextrem Beweegungen, déi zu Lëtzebuerg entstane sinn, doutzeschweigen.

Wéi bei all Aschränkung vun der Fräiheet, wéi bei all Ausgrenzung, war dat awer nëmmen den éischte Schrack. Ouni dee mannsten Grond sinn haut eng demokratesch

Partei an den déngschteelsten Deputéierten d'Affer vun enger reegelrechter Zensur an der Press, nëmme well hir Iddien de Journalisten net passen.

D'ADR an de Gast Gibéryen ginn haut an der Press geschnidden. Zwar sinn d'politesch Ënnerscheeder tëscht den Zeitunge vill méi kleng ginn a schéngen d'Journaliste vill manner u Redaktiounslinne gebonnen, mee d'ADR ass bei hinne kuerz gehalen. Dat, ouni datt si kéinten op ideologesch Argumenter zeréckgräifen.

D'Konsequenz ass eng Strategie, déi de Gast Gibéryen och voll ënnerstëtzt a mat an d'Liewe gesat huet. D'ADR setzt haut op eege Medien a besonnesch op ADR-Tëlee, fir hir Iddien ënnert d'Leit ze bréngen. Et ass e wäite Wee vum Roneo – weess nach ee, wat dat ass? – vun 1989. Dat ass en deiere Wee, deen och vill Aarbecht kascht. Et ass leider den eenzege Wee, fir datt d'Leit gewuer ginn, wat eis Politik ass a wéi eis Deputéierten an der Chamber ofgestëmmt hunn.

Et ass awer och intressant, dem Gast seng perséinlech Relatioune mat der Press ze kucken. Well si verroden e weidere Wiesenszuch vun eisem Mann. Hien ass net nodroend. De Gast seet, wat hien ze soen huet, an ass duerno nees esou frëndlech an zevirkommend wéi ëmmer. Hie fiert op eng kollegial, bal frëndschaftlech Aart a Weis mat de Journalisten. A wann hie sech iwwert hir Artikelen iergert, weist hien dat net, wa si sech nees begéinen.

Déi Streech, déi een als Politiker kritt, si warscheinlech nëmmen ze erdroen, wann een d'Hoffnung huet, datt een eppes ka bewierken ... a sief et nëmmen enges Daags d'Press vu senger gudder a wichteger Aarbecht ze iwwerzeegen an do déi Plaz ze kréien, déi dës Aarbecht géing verdéngen.

Plackett fir dem ADR-Deputéierte Gast Gibéryen seng Pensioun, den 13. Oktober 2020



*Eng Kamera an e Mikro: D'Presseiesse vun der ADR war eng vum Gast senge léifsten Übungen.*



*D'Gibéryen-Kanner zu Fréiseng: de Pierrot, d'Malou, de Raymond († ) an de Gaston (v.l.).*

## No bei de Leit: De Gemengepolitiker

D'Gemeng Fréiseng ass haut eng kleng Stad, wou et sech gutt wunne léisst. De Wuesstem vun der Bevëlkerung läit och liicht iwwert dem Landesduerchschnëtt an ass also zimmlech héich. An d'Uertschaft ass jo eigentlech nëmmen e Kazesprong vun der Stad ewech, och wann dee Sprong zu Haaptstauzäiten zimmlech zéi ass. E grousse Matverdéngscht dorun huet de Gast Gibéryen. Säin Numm ass mat Fréiseng verbonnen, obwuel hien net do gebuer ass. Hien ass duerch de Beruff vu sengem Papp a jonke Joren op Fréiseng verschloe ginn. Et ass do, wou hie sech onheelbar mam Politikvirus infizéiert huet, wou hie sech schonn als Bouf d'Gemengerotssëtzungen ugelauschtert huet.

Nach haut verstoppt de Gast Gibéryen net d'Satisfaktioun, déi him d'Gemengepolitik bruecht huet. Néierens soss kann een ouni Kompromësser seng eegen Iddien ëmsetzen. Dat geet esou laang, wéi een éierlech am Intressi vun der Gemeng schafft an net just do ass, fir sech selwer en Denkmal ze setzen. Genee deen Ekiliber huet de Gast zu Fréiseng gehalen. Et war sécher e Virdeel, net zu den ale Bauerefamilljen ze gehéieren an op deem däregen Terrain vu Landstreidereie Partei mussen ze ergräifen. Nolauschteren, vu Kand un nolauschteren hat him d'Trëmp am Gemengespill an de Grapp ginn.

An den Handwierker huet den Hiewel do ugesat, wou et am meeschte gefeelt huet. Fréiseng huet am Buedem an iwwert dem Buedem déi Infrastruktur kritt, déi nach gefeelt huet. D'Finanzreegelen, déi fir eng Regierung gëllen, spillen an der Gemengepolitik vill manner. De Gast huet en Heedespaass ëmmer nees ze erklären, datt grouss


Investitiounen um Gemengeplang wichteg sinn, well e Schäfferot och u senge Realisatioune gemooss gëtt.

Déi Sue ginn och net zur Fënster erausgehäit, mee kommen direkt de Leit vun der Gemeng zegutt a fléissen an hir Liewensqualitéit. Natierlech heescht et och hei, Mooss halen, awer d'Moderniséierung vun enger Infrastruktur ass net bëlleg. Dem Buergermeeschter Gibéryen seng politesch Géigner hunn him dacks virgehäit, datt seng Gemeng héich verschëllt war. Mee Fréiseng ass ënnert dem Gast systematesch moderniséiert ginn. An et ass keen Zoufall, datt vill Geld an d'technesch Infrastruktur gefloss ass. De Waassertuerm, deen ee scho vu Wäitem gesäit, wann een déi lescht Hiwwele viru Fréiseng hannert sech huet, ass dofir dat beschten Zeechen.



*De Buergermeeschter virun „sengem“ Waassertuerm an enger Gemeng um Stand vun der Zäit.*

## No bei der Aarbecht: de Gewerkschaftler




*Einfach nëmmen a sengem Element ...*

D'Schmelz war e Staat fir sech mat sengen Direkteren, Viraarbechter, Ingenieuren, Handwierker, Aarbechter an Hüttepolizisten. No senger Léierjoren, fir säi Beruff a fir d'Politik, war et deen éischten Terrain, wou de Gast konnt uwennen, wat hien an de laange Chambersëtzungen an am Fréisenger Gemengerot gesinn hat. Gestalten an de Leit hëllefen, wou besser, wéi an enger Gewerkschaft wär dat him méiglech gewiescht?

Mat zwee Féiss am Liewen huet hie sech an eng Zeen gestierzt, déi nach eppes méi rau war wéi haut a vill manner iwwersiichtlech. Och hei ass et dacks ëm Vermëttele gaangen tëscht verschiddenen Intressien. Et war net en uniforme Block vu Salariéen mee et waren Aarbechter an Handwierker, et ware verschidde Forme vu sozialer Ofsécherung, et waren déi, déi op Schichte geschafft hunn an déi mat manner gudde Verdéngschtméiglechkeeten.

Eng grouss Spillwiss. Ob de Gast wousst, datt hien hei gewëssermoosse géing fir eng politesch Karriär trainéieren? Et huet op alle Fall scho Fangerspëtzegefill a vill Vermëttlerkonscht gebraucht, fir hei vun all Mënsch akzeptéiert ze ginn. Hei schonn huet




*E jonken opstriewende Gewerkschaftler: Léierjore fir d'Politik.*

hien net zum gréisste Grupp gehéiert, mee hien huet sech net just bei den Handwierker duerchgesat, ma och am Betrib.

Den Neutralen Handwierkerverband, bei deem hien ugefaangen huet, spigelt a sengem Numm déi Zäit – well hien ass spéider d'Neutral Gewerkschaft ginn an heescht haut NGL-SNEP. Tëscht alle Gewerkschafte war vill Beweegung, an et gouf genuch Sträit, och wann déi ganz grouss Momenter vu Solidaritéit gepräägt waren … wann et ëm d'Zukunft vun der Stolindustrie gaangen ass. D'Bestriewen, eng Eenheetsgewerkschaft op d'Been ze kréien an d'Zécke vu ville méi klenge Gewerkschaften ënnert en „onofhängegen" Daach mat däitlech sozialdemokrateschen Daachleeën ze goen, huet alt nees no villem a geschéckerleche Verhandele geruff, an do war de Gast a sengem Element.

Geschwë war hien haaptberufflech bei der Gewerkschaft a gouf Generalsekretär vum NGL an duerno 1989 och President. Hien ass bei der NGL och zum Éirepresident ernannt ginn.



*Féiss op den Dësch leeë war als NGL-President héchstens eng Optioun fir de Fotograf.*



*D'Nicole, de Christian an d'Tania mam Papp doheem …*

## Doheem: De Familljemënsch

Relax huet een de Gast eigentlech seelen erlieft. Dat erkläert och, datt déi nei Geloossenheet, déi hie weist, zënter datt den Dag vu senger Pensioun publik ass, engem esou opfält.



*Zwee, déi ee kënnen op Trapp halen …*

Hie verstoppt och net, wat duerno kënnt … en einfache Liewensplang an der Famill. Well wat hien an der Politik ëmmer verdeedegt huet, ass him privat och wichteg. A seng Famill ass spéitstens zënter 1989, wou hien deelweis mat dräi Mandater – Gewerkschaftler, Buergermeeschter an Deputéierten – um Dill war, och alt emol ze kuerz komm.

Wéi sot hie selwer schonn 1987 am RTL-Interview: *„Meng Famill huet och vill dorënner gelidden. Net dass se e Problem mat mer hat, well ech war ni heiheem. Ech si moies fortgefuer a sinn owes spéit erëmkomm. An dunn hunn ech mat der Gewerkschaft opgehalen, an dunn no 30 Joer och mat der Gemeng an elo maachen ech 12 Joer nëmme méi d'Chamber. An dat ass flott, elo kann een dat uerdentlech maachen. Et huet een och erëm méi Liewensqualitéit. Et hat*

*een och ëmmer e schlecht Gewëssen, well ee keng vun deenen 3 Aarbechten am Fong sou gemaach huet, wéi ee se gäre gemaach hätt."*

D'Zukunft verlagert also seng ganz Energie op Fréiseng, wou hie sech schonn a jonke Joren e gemittlecht Heem opgeriicht huet … och zesumme mat der ganzer Famill. D'Haus, de Gaart an d'Schwemm wäre scho genuch Aarbecht, mee et ass de Gast schlecht kennen, wann ee mengt, hien hätt do net e puer Beschäftegunge fir och voll ausgelaascht ze sinn.

Zwee och am Alter nach zimmlech wibbeleg Hënn passe bei de Meeschter wéi d'Fauscht op d'A. Geet dat duer? Nee, an de leschte Méint ass nach eng Hickecht Hénger op Fréiseng geplënnert, an déi halen hie schonn eleng waarm, well si fläisseg hir Eeër leeën an all Dag musse versuergt ginn.



*Wou dat hei hier ass, sinn der nach e puer.*

## E glécklecht Eenzelstéck

All Liewen ass besonnesch. Grad, wann een en Text wéi dëse schreift, muss een oppassen, fir net euphoresch ze ginn. Wéi also de Phänomen Gast erklären?

Handwierk, Talent, Courage, Charisma, Begeeschterung, Leidenschaft an den absolutte Wëllen, eppes ze erreechen! Wéi bei engem gudde Cocktail mësche sech all dës Begrëffer. Mee och de beschte Cocktail ass näischt, wann hien net virum Iessen zervéiert gëtt, mee tëscht der Entrée an dem Haaptplat.

De Wee zum Erfolleg war och ëmmer nees nëmme méiglech, well de Gast Gibéryen déi richteg Nues hat, fir seng Chancen ze ergräifen, a verstanen huet, wéi d'Lëtzebuerger ticken. Vill engagéiert Leit hunn hien op deem Wee begleet, hu Steng aus dem Wee geraumt an Iddie ginn. Mee de Phänomen Gast hat ni e groussen Apparat vu Leit. Hie war ëmmer a relativ klenge Strukturen – sief dat als Gewerkschaftler oder als Politiker – an huet dat Bescht gemaach aus limitéierte Moyenen. Dat Bescht a méi, wéi och seng Partei nach haut beweist.

De Mënsch entwéckelt gär Sympathie fir den „Underdog", dee „Klengen", dee mat méi „Groussen" konfrontéiert ass. Mee dat Spillche funktionéiert net 31 Joer laang an der nationaler Politik, wann dee „Klengen" net liwwert an ni selwer ausdeelt.

D'Popularitéit vum ADR-Deputéierte besteet och an deem Ausdeelen. Beileiwen ass d'Politik net mat der nobeler Konscht vum Boxen ze vergläichen – well hei heescht Ausdeelen net ëmmer fair no strenge Reegelen ze kämpfen. Mee Popularitéit erreecht




*Eng Medail fir dem Gast Gibéryen seng Verdéngschter. D'Corona-Mask satiresch als Maulkuerf ze gesinn, wär eng typesch vum Gast.*

een och net, wann een déif schléit. Et kann emol e Coup op d'Ceinture goen, mee et däerf een net ze dacks drënner schloen.

Beim Gast war de politesche Schlagoftausch trotzdeem eng Konscht – seng Manéier un der Chamberstribün hat schonn eppes vun Tri-BÜN. Seng Riede ware wéi genee gefeilte Wierkstécker, ëmmer nees vun alle Säite gekuckt an ausgemooss. An der spatzer Zong vun engem gudde Satiriker kann een net laang béis sinn.

Heira fanne mer och nees de coole Gast, deen op seng Karriär zeréckkuckt. An den Hänn hält hien e besonnesch reusséiert Stéck, dat hie säi Liewe laang mat Schweess a vill Léift gefeilt huet. Et blénkt am Neon vum Atelier, alles passt, wéi et soll. Et ass gegléckt, alles dréit an näischt schleeft!




*Optimismus an Dynamik 2018 - de Sprong op Fraktiounsstäerkt an der Chamber war knapps ze kuerz.*



*Éischte Bierger vum Land: De Gast 2018 als Chamberpresident.*

## Biographie / Zäitlinn

1950 Den 29. Juni zu Bur (Born) gebuer.

1976 Schäffen am Fréisenger Gemengerot

1982 Buergermeeschter vu Fréiseng (bis 2005), vun 2006 un Éirebuergermeeschter.

1987 Grouss Manifestatioun fir Rentegerechtegkeet am Mäerz an der Stad, déi vum NGL, der UJL an dem Rentner- an Invalideverband gedroe gëtt. Grënnung vum Aktiounskommitee 5/6 den 12. Mee. De 27. Juli gëtt de Gast Gibéryen President vum Aktiounskomitee 5/6 Pensioun fir jiddfereen.

De Gast Gibéryen ass Generalsekretär vum NGL a gëtt dat nämmlecht Joer President.

1989 Am Juli als Deputéierte vum Aktiounskommitee fir d'éischt an d'Chamber gewielt. Nieft him sinn de Roby Mehlen, Jean-Pierre Koepp a Josy Simon gewielt. Landeswäit kritt d'ADR 225.044 Stëmmen, dat si 7,13 %. D'Trapebesetzung (mat deenen zwou gréngen an der Kommunistescher Partei) bréngt am Endeffekt besser Rechter fir déi kleng politesch

Gruppéierungen an der Chamber – déi och haut nach méi schlecht behandelt ginn wéi déi sougenannte grouss Parteien.

1998 D'Pensiounsreform, déi 1999 a Kraaft trëtt, gëtt den 21. Juli an der Chamber gestëmmt.

2004 Fir d'éischt Verloschter bei de Chamberwalen. D'ADR fält vu 7 op 5 Sëtz.

2005 Referendum iwwert d'europäesch Verfassung, bei deem d'Partei mat Nee stëmmt, ier si awer de Vertrag, deen d'Land ugeholl hat, an der Chamber mat ratifizéiert.

2006 D'ADR Alternativ Demokratesch Reformpartei ass deen neien Numm vun der Partei. Et ass déi drëtt a bis elo lescht Ännerung vum Numm, dee fir d'éischt „**Aktiounskomitee** 5/6 Pensioun fir jiddfereen" war, duerno einfach Aktiounskomitee 5/6. De Kierzel ADR taucht fir d'éischt 1992 op, wéi den Numm „**Aktiounskomitee fir Demokratie a Rentegerechtegkeet**" ugeholl ginn ass.

2015 De Referendum iwwer dräi Froen (Auslännerwalrecht, Beschränkung vu Minister-mandater, Walberechtegung ab 16) gëtt vun der ADR mat enger Kampagne fir den dräifachen Nee begleet. Genee esou decidéiert d'Land de 7. Juni mat enger impressionanter Majoritéit.

2018 Als déngschteelsten Deputéierten ass de Gast Gibéryen fir d'sechste Kéier erëmgewielt a gëtt (iwwergangsweis) President vun der Chamber an domat éischte Bierger vum Land.

2020 De Gast Gibéryen gëtt um Nationalkongress den 11. Oktober 2020 zu Ettelbréck Éierepresident vun der ADR. Zwee Deeg drop hëlt hien d'Pensioun.



*Eng leschte Kéier: Offizielle Portrait fir d'Nationalwalen.*

## Nowuert

70 Joer Liewen an bal 60 Joer Politik – gerechent vun där Zäit, wou de klengen Debbes vum Douanier zu Fréiseng an d'Gemengerotssëtzunge lauschtere gaangen ass. Ech si keen Historiker a wousst fir d'éischt net, wéi ech sollt un déi Aufgab erugoen. Ech wousst just, datt dee Mann, iwwert deen ech géing schreiwen, ganz kloer Virstellungen iwwert d'Schreiwen huet. Ech wousst och, datt dës Plackett nëmmen e Succès wär, wann hie se géing an de Grapp huelen an dra bliederen a liese géif.

Als Journalist hu mir esou eis Tricker, fir eis d'Aarbecht méi liicht ze maachen an dem Lieser Freed ze bereeden. Ech hunn also probéiert, e puer Geschichten iwwert de Gast ze zielen, esou wéi ech hien erlieft hunn, wéi hie mir se gezielt huet oder wéi se och a sengen Interviewe mat der Press stinn.

Esou eng Aarbecht huet natierlech de Risiko, datt ee wichteg Evenementer a ganz wichteg Leit, déi un der Säit vum Haaptprotagonist stinn a stoungen, vergësst. Mee de Porträt huet dee Virdeel, datt ee just ee Mënsch weist. Datt hien net eleng war, ass gewosst. Déi, déi mat a senger Geschicht waren, solle sech hei erëmfannen, och wann hir Nimm net genannt ginn. Op d'mannst ka kee soen, hie wär vergiess ginn.

Natiirlech hat de Gast staark politesch Iwwerzeegungen. Ech hätt hei och kéinten dem Gast seng politesch Meenung zu allen Zäitfroen opschreiwen. Mee ech mengen, vill Lieser vun deem heie Bichelche kennen d'Positioune vun der ADR. Ech ka schlecht meng Sympathie fir dës Positioune verstoppen, ech hoffen awer, datt ech si esou wäit am Zam halen, fir datt kee mir virgeheie kann, dat hei wär e bëllege Propagandaschriff. Well Hunneg huet eise Gast genuch ëm de Mond geschmiert kritt, dat brauch hien heiranner wierklech net.

Et geet mir hei net ëm eng historesch Approche. D'Geschicht, d'Biographie vum Politiker an den Historik vun der Partei, sinn nach ze schreiwen. Hei ass e Porträt vun engem aussergewéinleche Vollbluttpolitiker. Wat mech intresséiert ass de Mënsch. E Mënsch, deen e Liewe fir Lëtzebuerg a fir d'Politik gelieft huet. E Mënsch, deen eng Partei aus dem Näischt geschaf an etabléiert huet. An e Mënsch, deen zefridde kann oftrieden … a ferm wëlles huet, seng onwarscheinlech Energie elo op seng Fra, seng Kanner, säin Heem a seng Déieren ze konzentréieren. Ech si gespaant, wéi laang hien dat ouni grouss Politik aushält.

Text: Roland Houtsch

Photoen: Chamber, ADR-Archiv, Privat, Gemeng Fréiseng